




NATIONAL KONGRESS 2022

**SAMSCHDES, DE 26. MÄERZ
AN DER DÄICHHAL**

3, Rue du Deich
L-9012 Ettelbréck



Version française
disponible sur csv.lu

1/ELO!

De Magazin fir
d'Membere vun der CSV

LEIF MEMBEREN VUN DER CSV, LEIF FRENDINNEN A FRENN,

Wei dir eis um leschte Kongress zu Jonglënster als President a Generalsekretär gewielt hutt, wouste mer, dat et keen einfach Joer géing ginn. Während deene komplizéierten leschte Méint war eist éischt Zill eis Partei zesummenzehalen a frësch opstellen an déi néideg Rou erëm dran ze bréngen.

Dat ass eis, dovun si mer iwverzeegt, gelongen. Elo geet et drëm, eng nei Etapp unzefänken. D'Zäit fir no hannen ze kucken, ass eriwwer, de Moment ass komm, fir resolut d'Zukunft unzegoen. An dobäi ass jiddwereen wëllkomm. Mir hunn e gemeinsaamt Zill an dat ass d'Geleeënheet ze kréien, eis Politik ëmzesetzen. Dat ass dat wat zielt. An d'Aarbecht déi virun eis leit, ass grouss.

Et geet drëm, eis personell Erneuerung weider ze feieren. Mir hunn an der Partei vill nei Leit, souwuel um nationalen wei um Bezierksniveau a Féierungsposten. Mir müssen elo vun de Gemengewalen profitéieren, fir eis ze befestegen an ze erneieren. Et ass nëmmen eppes wat zielt: Erfahrung an Erneuerung zesummen als d'Basis fir e Succès bei de nächste Walen.

Et geet och drëm, eis inhaltlech nei opstellen. Mir bleiwen eisen Prinzippien trei. Mee mer müssen eis der Gesellschaft vun haut upassen an eise Programm resolut zukunftssträchteg ausrichten. Dat ass Aarbecht. Mee et ass Aarbecht déi Freed mécht, well et sinn dës Inhalter, déi eis Politik ausmaachen. Dës Aarbechten hunn ugefaangen an Dir wäert all gefuerdert ginn, fir matzeschaffen.

Et geet och drëm eis Kommunikatioun grondleeënd ëmstellen. Fir eis d'Méiglechkeet ze ginn, méi séier, méi effizient an op deene richtegen Kanäl eis Ideeën ze erklären, an ze iwverzeegen. Dat verlaangt mat Gewunnechten ze briechen. Mee et ass noutwendeg. Mir wëssen et all. Dofir hu mer eis professionell Hëllef zur Säit geholl. Dir wäert d'Resultater op eise nächste Manifestatioune gesinn. Mir freeën eis drop.

En zolitte Programm. Mir maachen dat zesummen. Well Politik Freed mécht.

CHRISTOPHE HANSEN

Generalsekretär

CLAUDE WISELER

President



DAGESUERDUNG

- 8.30 Auer Aschreiwien an Umeldung vun de Kongressdelegéierten
9.00 Auer Begréissung duerch de Jean-Paul Schaaf,
 Député-Maire vun der Stad Ettelbréck

1. ADMINISTRATIVEN DEEL

- 1.1. Opmaache vum Kongress duerch de Generalsekretär Christophe Hansen
- 1.2. Adoptioun vun der Kongressuerdning a Bezeechnung vum Kongresspräsidium a vun der Wahlkommissioun
- 1.3. Aktivitéitsrapport vum Generalsekretär Christophe Hansen
- 1.4. Keeserapport vum Generaltresorier Thierry Schuman
- 1.5. Interventioun vun de Keeserevisoren
- 1.6. Diskussioun an Adoptioun vun de Rapporten
- 1.7. Festleeë vun de Membercotisatiounen, Diskussioun an Ofstëmmung

2. WAHLEN

- 2.1. Virstellungen vun de Kandidatinnen fir Parteipresidentin a Generalsekretärin
- 2.2. Wahl a getrennte Wahlgäng :
 - vun der Parteipresidentin
 - vun der Generalsekretärin

3. POLITESCHEN DEEL

- 3.1. Resolutiounen a Motiounen
- 3.2. Riede vun de Co-Fraktionspresidente Martine Hansen a Gilles Roth
- 3.3. Ried vum CSV-Parteipresident Claude Wiseler
- 3.4. Proklamatioun vun de Wahlresultater
- 3.5. Schlusswieder vun der neigewieltener Parteipresidentin a Generalsekretärin



PERIODIQUE

Post
LUXEMBOURG

Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ
PS/131

NATIONAL KONGRESS 2022

KANDIDATURERKLÄRUNG

De Formulaire fir eng Kandidaturerklärung fir d'Poste vun der Parteipresidentin a vun der Generalsekretärin kann um CSV-Generalsekretariat bis de Mëttwoch, 16. Mäerz ugefroot ginn.

ADRESS VUM DAG

Däichhal
3, rue du Deich
L-9012 Ettelbréck

D'SÉCHERHEET VUN EIS ALL

De Nationalkongress fënnt en présentiel ënnert dem 3G Regime statt. Fir d'Sécherheet vun eis all biede mir, lech virum 24. Mäerz unzemellen (22 57 311 oder csv@csv.lu) a während dem Kongress d'Mask unzehalen.

STREAMING

De Kongress gött iwwer [csv.lu](https://www.csv.lu) gestreamt (*).

* Traduction simultanée
en français

Une version française
de ce dépliant est disponible sur
[csv.lu](https://www.csv.lu)



CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

Boîte postale 826 - L-2018 Luxembourg

T. 22 57 31 1 - F. 47 27 16 - csv@csv.lu - [csv.lu](https://www.csv.lu)